N°98
Entrée le 12.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Am Koalitiounsaccord gëtt d'Penurie vun abordabelem Wunnraum als eng vun de prinzipielle Erausfuerderungen vu Lëtzebuerg duergestallt. An dësem Kontext hu laut Regierung och d'Gemengen eng wichteg Roll a sollen zu méi abordabelem Wunnraum bäidroen. Et verwonnert also net, dass a ville budgetäre Propose vun de Schäfferéit an eisem Land Acquisitioune vun Terrainen, Projeten oder och konkret Bauinitiativen budgetéiert gi fir d'Joer 2024.

Et ginn awer, wéi a ville Beräicher, och hei immens ënnerschiddlech Ausganksituatiounen, jee no Gemeng. Et ass zum Beispill gewosst, dass d'Gemengen Stand 2021 534 Hektar Bauland zur zur Verfügung haten (Note 29 Observatoire de l'Habitat), mee et ass net gewosst, wéi vill Wunnengen a Gemengenhand sinn oder Terrainen, wou eng Emphyteose um Terrain drop ass.

Fir kënnen an aller Transparenz den Impakt vun der Wunnengspolitik méi genau kënnen ze bewäerten, brauch et och offiziell Zuelen iwwert den aktuelle Bestand a Gemengenhand.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren eis matdeelen, wéi héich den aktuelle Stock u Wunnengen ass, déi am Besëtz vun den eenzele Gemengen ass?

2. Wei vill Wunnenge goufen an de leschten zwee Jore vun de Gemenge gebaut an duerch de Staat subventionéiert ënnert dem Regime vun den Aides à la pierre (loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement)?

3. Kann d'Regierung eis matdeele wéi vill Wunnengen pro Gemeng aktuell ënnert déi folgend Kategorië falen an net vun der SNHBM oder dem Fonds du Logement geréiert ginn?
    - Logements en location abordable
    - Logements en gestion locative sociale
    - Logements en vente abordable
    - Logements en vente à coût modéré

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°98
Entrée le 15.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 98 vum 12. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d'« Logements abordables ».**

1. Kënnen d'Ministeren eis matdeelen, wéi héich den aktuelle Stock u Wunnengen ass, déi am Besëtz vun den eenzele Gemengen ass?

Déi aktuellst Zuelen, déi ons virléien, si vum Joer 2022.

Op den 31.12.2022 waren 1.461 locatif Wunnengen am Besëtz vu Gemengen, déi ënnert dem Regime vun den "Aides à la pierre" subventionéiert goufen.

Eng méi detailléiert Oplëschtung vun de Wunnenge pro Gemeng ass am Rapport vum Fonds spécial de soutien au développement du logement nozeliesen (Annexe 10.4).

Am Kader vum Rapport iwwer de Fonds spécial fir d' Joer 2023 sinn dës Zuelen amgaangen aktualiséiert ze ginn.

2. Wei vill Wunnenge goufen an de leschten zwee Jore vun de Gemenge gebaut an duerch de Staat subventionéiert ënnert dem Regime vun den Aides à la pierre (loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement)?

Am Joer 2022 si vu Säite vun de Gemengen 107 Wunnengen an der Location abordable fäerdeggestallt ginn. Am Joer 2021 waren et 59 nei locatif Wunnengen, déi bei de Gemenge fäerdeggestallt goufen.

Am Joer 2021 sinn 156 Wunnenge mat de Gemenge konventionéiert ginn (Annexe 7.2 vum Rapport vum Fonds spécial de soutien au développement du logement fir 2021).

Am Joer 2022 si 35 Wunnengen mat de Gemenge konventionéiert ginn (Annexe 10.2 vum Rapport vum Fonds spécial de soutien au développement du logement fir 2022).

Am Kader vum Rapport iwwer de Fonds spécial fir d' Joer 2023 sinn dës Zuelen amgaangen aktualiséiert ze ginn.

3. Kann d'Regierung eis matdeele wéi vill Wunnengen pro Gemeng aktuell ënnert déi folgend Kategorië falen an net vun der SNHBM oder dem Fonds du Logement geréiert ginn?
Logements en location abordable
Logements en gestion locative sociale
Logements en vente abordable
Logements en vente à coût modéré

Dës Kategorië sinn duerch dat neit Gesetz vum 7. August 2023 agefouert ginn. De Registre national des logements abordables (RENLA) ass aktuell an der Entwécklung a wäert et eis erlaben, an den nächste Jore präzis Statistiken ze erhiewen.

Aus dem Rapport iwwer de Fonds spécial fir d' Joer 2022 geet allerdéngs ervir, datt 2/3 vun den abordabele Wunnenge vun der SNHBM an dem Fonds du Logement gebaut ginn. Zemools am Kader vun der Vente sinn dës Acteuren ausschlaggebend, well d'Gemenge sech an der Reegel ganz staark op d'Locatioun konzentréieren.

Lëtzebuerg, den 12/01/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch